N° 8191
Entrée le 18.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre
les femmes et les hommes

**Réponse commune de Madame la ministre de l'Égalité entre les Femmes et les Hommes, Taina Bofferding, et de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°8191 du 28 juillet 2023 de Monsieur le Député Marc Goergen au sujet de la représentation dans les conseils d'administration des établissements publics**

Den Taux vu Fraen an de Verwaltungsréit vun den ëffentlechen Etablissementer louch op den 30. Juni 2018 bei 34,06% an op den 31 Dezember 2018 bei 34,69%. Als Rappel, beim éischte Recensement op den 31. Januar 2015 louch dësen Taux bei 27,41%.

Op den 31. Dezember 2022 louch den Taux vu Fraen an de Verwaltungsréit vun ëffentlechen Etablissementer bei 36,06%.

Den Taux vun de Fraen déi de Vertrieder vum Staat an de Verwaltungsréit vun ëffentlechen Etablissementer louch bei 39,47% op den 30. Juni 2018 a bei 40,19% op den 31 Dezember 2018. Als Rappel, beim éischte Recensement op den 31. Januar 2015 louch dësen Taux bei 30,34%.

Op den 31. Dezember 2022 louch den Taux vu Frae bei de Vertrieder vum Staat an de Verwaltungsréit vun ëffentlechen Etablissementer bei 41%.

D'Zuelen op den 30. Juni 2023 ginn am September dem Regierungsrot virgestallt an dono ëffentlech gemaach.

Et gi keng Donnéeë betreffend den Alter vun de Leit an de Verwaltungsréit gesammelt an et gëtt och kee Suivi vun de Changementer gemaach, et besteet just eng Bestandsopnam op den 30. Juni an den 31. Dezember vun all Joer. An deem Kontext, sief nach ervirgehuewen, daat d'Regierung weiderhin d'Zilvirgab am Koalitiounsaccord 2018-2023 verfollegt fir 40% Fraen an de Verwaltungsréit vun den ëffentlechen Etablissementer ze erreechen, respektiv ze halen. Och bei de Verwaltungsréit vun de Privatentreprisen, wou de Staat Actionnaire ass, ass d'Regierung bestriewt en Undeel vu Fraen vu 40% ze erreechen. D'Sozialpartner sinn doriwwer eraus an engem Schreiwes encouragéiert ginn, fir verstäerkt Fraen an d'Verwaltungsréit ze beruffen.

Waat de Beräich vun de PME ubelaangt, sou sinn des läscht encouragéiert um Programm Actions positives[1] vum Gläichstellungsministère deelzehuelen, fir och um Niveau vun den Entscheedungsgremien e méi staarken Fraenundeel ze kréien.

Letzebuerg, den 18. August 2023

(s.) Taina Bofferding

Ministerin fir Gläichstellung tëscht

Fraën a Männer

[1] https://actionspositives.lu/les-3-pilliers/#pillier-2